De Bison

Périodique des Eclaireurs et Eclaireuses
de la Commune de Frisange, affiliés à la FNEL
Avril 02/2011- N°80

LUXEMBOURG-1
PORT PAYE
P/S 384

Nouvelles futées des Bisons

Adresse postale:

FNEL-Bisons futés
c/o Arlette Linden-Colling
16, Haffstrooss
L-5752 Frisange

lindenr@pt.lu

Rédactioun:
Home:
12a, rte de Mondorf
L-5750 Frisange
☎: 26 67 18 57
Présidence:
FNEL-Bisons futés
c/o Danièle Capelle
55, Parc Lesigny
L-5753 Frisange

Impressum:

Erschéngt min. 4 Mol am
Jor am Eegendrock
Bisons futés an enger
Oplo vu 90 Stéck.

Bank CCPL IBAN
LU22 1111 1500 8526 0000
©Bisons futés Frisange
2011

GROUPE

News vum BISONSHOME

Den Ingénieursbüro BEST huet der Fréisenger Gemeng schréftlech mattgedéelt dass kée Problem mam Dach vum Bisonshome wär.

DE SCOUTSSHOP ASS OP

05.05.11	17h30	19h30
19.05.11	17h30	19h30
02.06.11	17h30	19h30
16.06.11	17h30	19h30
30.06.11	17h30	19h30

GROUSS BOTZ AN DER FREISENGER GEMENG

Gutt 20 – 25 Bisonen hunn sech den 26.03.2011 bei guddem Wieder Moies op de Wee gemach fir daat anzesammelen waat Drecksspatzen esou laanscht Stroossen, op de Feldwéeer an op der Spillplatz vun der Gëll ewech gehéit haten. Mir soen jiddverengem Merci dée matgehollef huet.

Knapps war alles vum Chreschtmart ofgerapt (e bessi mi spéid wi virgesinn, wat weinst dem schlechte Wieder a mat den Problemer vum Dach vum Scoutshome ze din haat) ass ett schon erëm ugang mat hämmeren, ustréichen a Blume bannen fir de Cavalcadeswon. Dest Joer enner dem Motto: SUPERHELDEN.

GROUPE

....

So lets get physical

Dir hut scho lang iwerluecht erem Sport ze machen?
Dir huet schon emmer Sport gemach?

majo dann sidd dir Elteren, Frënn a Bekannten
vun de Bisons futés gefroot **14.Mee ab 14h00**

Den **15.Mee** erhuelen mer eis all zesummen bei engem gudden Iessen an engem gudde Patt

D'Scouten vun Fréiseng lueden an ob:

D'Bisons Fest

Dëst Joer mat engem Volleyball-Tournoi

an enger OpenAir Bisons Party

mam DJ Claudino

...dat ganzt den 14. an 15. Mee

zu Fréiseng beim Scoutshome.



Samstes, de 14.Mee: Volleyball-Tournoi, ab 14:00 Auer.

1. Prais fier Erwuessener: een 30L Fass Béier!

1. Prais fier Kanner: een Eemer Gummibären!

Och déi Equipe mat dem originellsten Tricot därf sech freeën ;)

Equipë vu 5-6 Leit kënne sech vum 1.-10. Mee um Telefon 621 758 658 oder per Mail op volleyball@bisons.lu umellen.

Nom Tournoi geet et dann mat enger OpenAir Party mam DJ Claudino weider...

Sondes, de 15.Mee vu 12:00 - 15:00 Auer ass eisen traditionellen Bisons-Barbecue, wou et wéi ëmmer ënnert anerem Bison-Steak gëtt.

fnel scouts & guides

www.fnel.lu / www.bisons.lu

GROUPE-WEEKEND

....

Et asse rem souweit, wéi elo schon 2 Joer gin d´Bisons och 2011 op

.wëlle Gruppeweek-end

An zwar get vum **15.-17. Juli** gewibelt a gedabbert wéi vereckt!

Lass geet et Freides géint 17:00 Auer

Zereck sin mer *Sonndes géint 18 :00 Auer*

Et kascht 45€ ze iwerweisen op de Konto vun de Bisons
(Détail am Impressum;-)

Wou ? gesid der geschwenn

UMMELLUNG BIS DEN 30.MEE

OP ALLE FALL GETT ET WELL !

Umellungssouchen kennt Dir beim Lea ofgin oder a seng Boite am gang am Home gehéien
Bei Froen kritt Dir gehollef um 621 184 513

Wellef

Trimesterprogramm 3 :

Datum	Aktiviteit	Thema
30.04.2011	Versammlung	Natur Pur Rdv: Parking teschend Helleng an Crauthem (Fitnessparcour)
07.05.2011	Versammlung	Schlumpfen
14.05.2011	Bisonsfest	Volleyballturnéier
15.05.2011	Bisonsfest	
21.05.2011	Veillée	Superhelden 18:30 – 23:00 beim Home
28.05.2011	Keng Versammlung	Vokanz
04. – 05.06.2011	WE	60ies
11.06.2011	Keng Versammlung	
12.06.2011	Sortie	Mam grengen Zuch un den Stau
18.06.2011	Versammlung	Picasso
22.06.2011	Virowend vun Nationalfeierdag	
25.06.2011	Versammlung	Wasserspiller
02.07.2011	Versammlung	Joer vun der Erfannung vum Velo (Cyclist Badge)
09.07.2011	Keng Versammlung	
10.07.2011	POW-WOW	
15. – 17. 07. 2011	Gruppencamp	

Wann dir Froen huet : welef@bisons.lu

Während dem BISONSFEST ass keng regulär Versammlung. D'Wëllef sinn awer Wellkomm mat hiren Elteren oder als Equipe fir Volley ze spillen

natur&ëmwelt

Sortie mam

Gréngen Zuch

Sonndes, den 12. Juni 2011

Mir fueren dëst Joer zesumme mam Regulus Junior-Club mam Grengen Zuch op Woltz (L). Beim Misèreshaff wärte mir Interessantes iwert Déieren- an Planzenwelt aus dem Naturpark Uewersauer entdecken!

Auerzait:
8.30 – 19.10 Auer
De Rendez-vous as um 8.30 Auer
am Gebei vun der Gare zu Lëtzebuerg!

Matbréngen:
Kleeder déi dem Wieder ugepasst sinn, fest Schong, en Imbiss fir tëschenduerch, Picknick fir Mëttes a natierlech genuch Gedrénks.

Onkäschten: 20 €
ze iwerweisen op de Konto vum Regulus Junior-Club :
CCPLLLULL IBAN LU07 1111 0089 0982 0000
mam Vermierk „**RJC – Grengen Zuch**" an dem **Numm vum Kand.**

Mellt iech w,e,g, och per Mail oder Telefon un:
Lea Bonblet, gruppenchef@bisons.lu - 621 184 513

Explorer & Rover

Eventuell maachen mir en **Camp** um Peischtweekend, daat plangen mer an denen nächsten Reuniounen.

Paischtvakantz: **Jamboree-Praparatioun**
15.-17. Juli : Gruppe-Weekend
An dono ab a Schweden op den **Jamboree** !

Souche fir de Gruppe-WE

Ech ..... erlaabe mengem Kand .... un fir den 15.-17. 07.2011 mat op d´Gruppewwekend vun den Bisons futés ze goen.

Telefonsnummer: ..... Matricule: .....

Ennerschreft: .....

Souche fir Wellefchers-WE

Ech ..... erlaabe mengem Kand .... un fir den 4.-5. 06.2011 mat op de 60ies Week-End vun den Bisons futés ze goen.

Telefonsnummer: .....Matricule: .....

Ennerschreft: .....

Kuch oder Taart

Desweideren wäre mir frou e Kuch oder eng Taart fir an eis Kaffistuff vun iech gestëfft ze kréien. Bréngt eis aeren Kuch/Taart Samsdes just virum Volleyballturnéier laanscht. Villmols Merci am Viraus.

BONUS

Groupement des Associations et Fédérations Scoutes – Guides du Luxembourg

Invitation un all Scouts a Guide Gruppen hir Elteren, Frënn vun de Scouten,an déi di Loscht hunn

Op de Rallye Scout fir een Dag,den18 Juni vun 10h00 bis 18h00 an der Stad

Präiss: 4 €

Equipe: max. 12 Leit

Dräi Trajets :

1. Trajet :	2 Stonnen mat 3 Posten
2. Trajet :	3 Stonnen mat 6 Posten
3. Trajet :	4 Stonnen mat 8 Posten